I-2008-O-M-3342-01 (1847)

15.10.2008

Dépôt

Aly Jaerling

Onofhängege Volléksvertrieder

PL5620

2

# *MOTIOUN*

D'Volléksvertriederkummer,

déi sech am Kader vum Gesetzprojet 5620 iwwert d'lëtzebuerger Nationalitéit ënner anerem derfir ausgeschwat huet fir datt en Demandeur vun der lëtzebuerger Nationalitéit der Lëtzebuerger Sprooch misst mächteg sinn;

wëssend, datt d'lëtzebuerger Sprooch nach nett an eiser Verfaassung festgeschriwwen ass,

wëssend, datt d'lëtzebuerger Sprooch nett an der offizieller Lëscht vun den unerkannten europäesche Sproochen ageschriwwen ass;

sech doropshin d'Fro stellt ob een kann vun engem Bierger verlangen eng Sprooch ze léieren, déi nett offiziell europäesch unerkannt ass;

fuerdert d'Regierung op

dermatt averstanen ze sinn, dass d'lëtzebuerger Sprooch an eiser Verfaassung als Sprooch vun de Lëtzebuerger verankert gett enner folgendem Text: „D'Sprooch vun de Lëtzebuerger ass d'Lëtzebuergescht";

bei den zoustännegen EU-Instanzen anzwierken, fir datt d'Lëtzebuerger Sprooch endlech an der Lëscht vun den europäesch unerkannte Sproochen ageschriwwe gett.

Aly Jaerling